PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An eisem Nopeschland Däitschland lafe wéinst dem Chaos op ville Fluchhäfen aktuell Diskussiounen doriwwer, fir d'Vorkassen-Prinzip bei Fluchbuchungen z'iwwerdenken. Aktuell ass d'Reegel, dass een säin Ticket am Viraus bezilt, wat engem zinslose Kredit un d'Airline gläichkënnt, esou déi däitsch Verbraucherzentrale an engem Artikel am Handelsblatt vum 24ten August.

Deementgéint proposéiert d'Verbraucherzentrale, dass een d'Ticketen och sollt kënnen direkt beim Check-in bezuelen. Dat géif nämlech verhënneren, dass vill Leit mussen hire Remboursementen hannendru lafen, wann ee Fluch mol stornéiert gëtt. Oder, wéi d'Verbraucherzentrale et schreift:

> "*Passagiere sind es leid, den Airlines zinslose Kredite zu geben, bei abgesagten Flügen auf den Kosten sitzen zu bleiben oder im schlimmsten Fall das Risiko einer Insolvenz tragen zu müssen.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de System, esou wéi d'Verbraucherzentrale et virschléit, zu Lëtzebuerg ëmsetzbar?
2. Wéi steet d'Regierung zu der Iddi, dass ee Passagéier d'Recht kritt, fir säi Fluchticket net mussen am Viraus ze bezuelen, mee beim Check-in?
3. Wäert de Minister sech national dofir asetzen, fir d'Bezuelen um Counter, sou wéi vun der Verbraucherzentrale proposéiert, méiglech ze maachen?
4. Wäert de Minister sech um europäesche Plang dofir asetzen, d'Bezuelen um Counter méiglech ze maachen? Falls jo, wäert hien dës Iddi mat an de nächsten EU-Ministerrot huelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député